GEMENG
LEIDELENG

Administration communale de Leudelange
5, Place des Martyrs
L-3361 Leudelange
www.leudelange.lu
T. 37 92 92 – 1
F. 37 92 92 – 219
commune@leudelange.lu

*Pressecommuniqué*

# Aweiung vun der gemeinsamer Bëschhal „Melacksbësch“ fir d'Forstrevéier vun de Gemenge Leideleng, Reckeng op der Mess an Dippech

**Leideleng, den 30. Juni 2026** – D'Gemenge Leideleng, Reckeng op der Mess an Dippech hunn hir nei Bëschhal offiziell ageweit. D'Gebai läit am lieu-dit „Melacksbësch“, um Bëschrand vu Leideleng, net wäit vun der Gemengegrenz mat Reckeng op der Mess.

Déi nei Infrastruktur déngt dem gemeinsame Forstrevéier vun den dräi Gemengen a verbessert nohalteg d'Organisatioun vun de Forstdéngschter an d'Asätz um Terrain.

D'Gebai bitt modern a funktionell Lagerméiglechkeete fir Material, Equipement a Gefierer, déi fir d'Bewirtschaftung an d'Fleeg vun de Bëschflächen néideg sinn.

Mat enger Lagerfläch vu 630 m² zeechent sech déi nei Bëschhal duerch eng Stolkonstruktioun mat enger Holzverkleedung aus, déi sech harmonesch an hir natierlech Ëmgéigend afüügt. Fir d'Realiséierung vum Projet goufen 12,5 Tonne Stol verbaut a méi wéi 400 m² Holzfassad montéiert.

D'Aarbechte fir d'Virbereedung vum Bauterrain an d'Uschlëss goufen tëscht September an Dezember 2025 duerchgefouert. Ufank 2026 huet déi siichtbarst Phas vum Projet ugefaangen: D'Stolkonstruktioun an d'Holzverkleedung vum Gebai goufen an nëmmen zwee Méint – Februar a Mäerz 2026 – komplett montéiert. D'Bannenariichtung an déi technesch Installatioune goufen am Laf vum Juni fristgerecht fäerdeggestallt. D'Investitiounskäschte vum Projet belafe sech op knapp 1,1 Milliounen Euro.

D'Bündelung vun der Infrastruktur an den technesche Ressourcë schaaft Synergien a mécht en effizienten Asaz vun den ëffentleche Mëttele méiglech.

> *„Mat der 'Bëschhal' schafe mir gläichzäiteg déi néideg Viraussetzunge fir d'Neigestaltung vun eisem Duerfkär am Kader vum Shared-Space-Projet. Well déi bis elo op der Place du Lavoir genotzt Infrastrukturen ofgerappt ginn, war en neie Standuert fir eis Forstdéngschter onëmgänglech“, betount de Leidelenger Buergermeeschter Lou Linster.*

Bei der Aweiung waren ënner anerem de Charles Hurt, Éischte Regierungsrot am Ministère fir Ëmwelt, Klima a Biodiversitéit, de Carlo Muller, Buergermeeschter vu Reckeng op der Mess, an d'Manon Bei Roller, Buergermeeschtesch vun Dippech, dobäi.